piraten.lu

N°4416
Entrée le 08.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Am WORT vum 20te Juni gouf iwwert eng Publicitéitscampagne vun der Lëtzebuerger Arméi bericht, déi op Bussen, op Plakater a soziale Medien ze gesinn ass an der Rekrutéierung soll déngen. Laut dem Ministère soll d'Campagne bis Enn 2028 lafen an iwwer déi nächst dräi Joer 480.000 Euro kaschten. Gläichzäiteg gouf annoncéiert, datt Grenzgänger geschwënn an d'Lëtzebuerger Arméi kënnen antrieden, wéi een anere WORT-Artikel vum 23te Januar méi ausféierlech bericht.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Sinn am Kader vun der aktueller Rekrutéierung bei der Arméi och Reklammen an der Groussregioun geplangt, notamment op Radiosenderen, a Print- oder Online-Medien, op Plakater oder iwwert geziilt digital Campagnen?
   Falls jo, wéi eng Medien ginn heifir genotzt a wat ass de Budget, opgelëscht no Medium?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés